Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Question écrite n°4918

Présence de Xylella fastidiosa dans la viticulture luxembourgeoise

Déposée par: *Graas Gusty*
Adressée à: *Hansen Martine, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture*
Déclarée recevable le: *14.10.2026*
Date limite de réponse: *13.11.2026*

„ Nodeems an de Wéngerten zu Mäertert an zu Gréiwemaacher d'Bakterie „Xylella Fastidiosa" festgestallt ginn ass, gouf ronderëm déi concernéiert Parzellen eng Spärzone mat engem Radius vu 50 Meter en place gesat.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau follgend Froe stellen:

- Wéi gouf d'Bakterie entdeckt ? Gouf et hei e staatleche Monitoring oder sinn déi kompetent Servicer aktiv ginn nodeems déi concernéiert Wënzer hir Aschätzung matgedeelt hunn?

- Op wéi eng Manéier gëtt d'Bakterie bekämpft?

- Wéi staffelt sech d'Entschiedegung déi d'Wënzer fir hire Verloscht kréien? Gëllt d'Entschiedegung och fir déi Planzen déi keng Unzeechen hunn a virsiichtshallwer och erausgerappt ginn?

- Gëtt et hei och en Echange mat den däitschen Autoritéite well d'Méiglechkeet besteet dat d'Bakterie „Xylella Fastidiosa" och op der däitscher Säit kéint nogewise ginn?"

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4918 vum 14. Oktober 2026 vum éierewäerten Deputéierten Gusty Graas

1. Wéi gouf d'Bakterie entdeckt ? Gouf et hei e staatleche Monitoring oder sinn déi kompetent Servicer aktiv ginn nodeems déi concernéiert Wënzer hir Aschätzung matgedeelt hunn?

D'Bakterie gouf am Kader vum staatleche Monitoring entdeckt.

2. Op wéi eng Manéier gëtt d'Bakterie bekämpft?

D'Bakterie selwer kann nëmmen duerch d'Rodung vun de betraffene Planze bekämpft ginn. D'Rodung gëtt no den Dispositioune vum Duerchféierungsreglement (EU) 2020/1201 duerchgefouert.

An den **Infektiounszonen**, an deenen insgesamt ronn een Hektar Wéngert gerodet gouf, mussen och Riewen ouni Symptomer an aner Wirtspflanzen ewechgeholl ginn. D'Insekten, déi d'Bakterie iwwerdroe kënnen, ginn och an de Wéngerten an den Infektiounszonen bekämpft.

An de **Pufferzon** vun 2,5 Kilometer ronderemer Infektiounszon gi momentan dräi Mesuren ëmgesat:

- d'Iwwerwaachung vun de Wirtspflanzen duerch Probenahmen no engem festgeluechte Raster mat Analysen,
- d'Verbuet, Wirtspflanzen oder Deeler dovun aus de Pufferzonen erauszebréngen,
- Informatiounsversammlunge fir déi breet Ëffentlechkeet. Spezifesch zousätzlech Veranstaltunge fir Wënzer sinn an de Wanterméint geplangt.

Nieft dëse Mesurë leeft de järleche staatleche Monitoring weider. Fir 2026 goufen dobäi 140 Prouwen op der Lëtzebuerger Musel geholl.

3. Wéi staffelt sech d'Entschiedegung déi d'Wënzer fir hire Verloscht kréien? Gëllt d'Entschiedegung och fir déi Planzen déi keng Unzeechen hunn a virsiichtshallwer och erausgerappt ginn?

D'Wënzer ginn iwwer d'Fläch vun de Wéngerten entschiedegt, déi an den Infektiounszonen hu misse gerodet ginn. D'Detailer vun de Modalitéite fir d'Berechnung vun den Entschiedegungen si nach net festgeluecht.

4. Gëtt et hei och en Echange mat den däitschen Autoritéite well d'Méiglechkeet besteet dat d'Bakterie „Xylella Fastidiosa" och op der däitscher Säit kéint nogewise ginn?

Jo. Et gëtt en Austausch mat den däitschen Autoritéiten. Op der betraffener däitscher Säit an der Pufferzon ginn änlech Mesuren ëmgesat.

Lëtzebuerg, den 13. November 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau